Die „President's Band“ entstand im Jahre 2001 aus der „Hillingdon Community Concert Band“, welche ihrerseits einer gemeinsamen Initiative der RAF Uxbridge und Hillingdon Music Services entsprang.

Auf dem Programm des Besuches in Luxemburg standen zwei Konzerte, davon eines in Diekirch am Sonntag, dem 26. August.

Um 10 Uhr wurden die Musiker von Bürgermeister Nico Michels auf der „Kluuster“ empfangen. Um 10.30 Uhr versammelten sich Gäste und Gastgeber auf dem Friedhof, um am Grab von Flying Officer Douglas Cameron Blumengebinde niederzulegen. Der Solotrompeter der Band ließ den „Last Post“ über den Friedhof hallen, zum Andenken an den australischen RAF Piloten des No. 226 Squadron, AASF, der am 10. Mai 1940 in Diekirch bei einem tapferen Angriff auf die deutschen Invasionstruppen sein Leben verlor.

Höhepunkt des Besuches in Diekirch aber war das Konzert um 11.30 Uhr auf der Place de la Libération. Unter der meisterhaften Stabführung von Peter Stockdale konnte das Ensemble die Zuhörer mit typisch britischen Klängen und bekannten Melodien begeistern. Besonders die Trompeten- und Hornsoli wurden mir viel Beifall bedacht. Abgeschlossen wurde das Konzert mit der „Heemecht“.

Im Namen des Syndicat d'Initiative, welches die Organisation des Konzertes übernommen hatte, überreichten Herr und Frau Gonner einen Blumenstrauß und ein passendes Geschenk an Peter Stockdale und Bürgermeister Nico Michels lud zum von der Stadtverwaltung Diekirch angebotenen Imbiss mit Ehrenwein ins militärhistorische Museum ein.



© The Royal Air Forces Association, Luxembourg Branch

Hier wurden die Gäste von Museumskurator Roland Gaul empfangen, der Sinn und Zweck des Museums erläuterte. Peter Stockdale würdigte die Gastfreundschaft des Stadt Diekirch und überreichte eine „Memory Crest“ an das Museum und CD-Aufnahmen an Bürgermeister Michels und das Syndicat d'Initiative. Anschließend stand ein Besuch des Museums unter der fachkundigen Führung von Roland Gaul auf dem Programm.

The Royal Air Forces Association, Luxembourg Branch

Von links nach rechts : Herr Gonner (Syndicat d'Initiative Diekirch) Brian T.-Darke (Chairman der Luxembourg Branch) RAFA, Peter Stockdale, Musikalischer Direktor der Band, Frau Gonner (Syndicat d'Initiative Diekirch) Bürgermeister Nico Michels

Al Dikrich



© Ben Blum



© Ben Blum



© Paul Bonert



© Ben Blum




© Paul Bonert



© Ben Blum

Forum pour flûte et piano

19^e édition

© Paul Bonert

Dans les années 80 déjà, le flûtiste Carlo Jans, alors chargé de cours à l'Ecole de Musique de Diekirch, avait initié, ensemble avec le pianiste de renommée internationale Daniel Blumenthal, un forum pour flûte et piano qui allait connaître un formidable succès parmi de jeunes musiciens venus du monde entier. Patronné par l'asbl Spektrum et par la suite par une asbl locale spécialement fondée pour cet

événement annuel, le forum international pour flûte et piano a survécu jusqu'à nos jours grâce au dynamisme du professeur Carlo Jans et de son équipe, et à une collaboration logistique étroite avec la commission culturelle de la Ville de Diekirch et le LCD. Comme les années précédentes, les concerts offerts cet été ont su convaincre un public averti et impressionné.

Schwänzschull

Vum 23. bis de 27. Juli goufen dëst Jar rëm Vakanzenaktivitéiten organiséiert; zënter 14 Jar ginn dës Kanneraktivitéiten lo well vun der Schwänzschull Dikrich ugebueden an sie erfreen sech ëmmer méi groussem Succès. All Kand am Alter tëschent 4 an 12 Jar konnt matmaachen – déi insgesamt 94 Kanner goufe vun 11 Monitricen an Moniteure betreit, déi de ganzen Dag mat hinne verbruecht hunn. D'Eltere konnten hir Kanner well moies vun 8 Auer 30 un bei der Aler Seeërei ofginn, géint 11 Auer ass den ganzen Trupp da mam Bus op d'Hueldaer gefuer, wou se de Rescht vum Dag verbruecht hunn. Géint halwer 6 konnten d'Elteren hir Kanner rëm bei d'Al Seeërei siche kommen.

Dëst Jar stung d'"Adventure-Week" ënnert dem Thema Piraten. Wéinst schlechtem Wieder konnt de Grupp déi zwee ischt Deeg net an d'Hueldaer fueren, sou dass d'Aktivitéiten dunn noutgedrongen an der Aler Seeërei duerchgefouert gi sinn. Mee dat huet dem Enthusiasmus vun de Kanner keen Ooffbroch gedo: et goufe monter Aaklappen, Schatzkaarten, Fichien an Schwerter gebastelt, duerch Kenneléierspiller sinn se mat anere Kanner an Kontakt komm an et gouf souguer ee Piratendanz virbereet, deen



eng Partie Kanner de leschten Dag den Eltere virgefouert hunn.

Déi restlech dräi Deeg konnten awer dunn an der Hueldaer verbruecht ginn: T-Shirte mat Doudekäpp goufe gemoolt, bei aneren Aktivitéiten, wéi zum Beispill engem grouss Buerespill tëscht zwee rivaliséierten Piratebanden, engem Rallye duerch de Bësch mat anschließender Schatzsuche oder engem Pirate-Casting hunn d'Kanner sech gutt ameséiert.

Als Proviant fir déi zukünfteg Pirate goufen et Grillwurstchen, beluechte Bréidercher oder Nuddelsalot; fir de klengen Honger sinn och Äppel, Drauwen a Banane verdeelt ginn.

Eng flott Woch, souwuel fir d'Moniteuren wéi och fir d'Kanner, déi och hoffentlech d'nächst Jar nees organiséiert gëtt!

Fier weider Informatiounen kënt Dir lech beim Françoise Kerger mellen (T. 80 86 16).

Samuel Hamen - Piratemoniteur

D'Schwänzschull Dikrich seet de Moniteure a Monitricen ee gousse Merci fir hieren Asatz.

Et waren: Bouché Florence, Bauler Anouk, Bauler Sophie, Kellen Martine, Zimmer Manon, Juncker Paddy, Frantz Daniel, Johans Jessika, Flesch Frank, Hamen Samuel, Schirtz Patz.

Opruff un d'Bierger vun Dikrich



Fir d'Archive vun de Pompjeeën ze vervollständigen, wiere mir fru wann Dir, léiw Matbierger, Fotoen, Diaen, Zeitungsartikelen oder soss Geigestänn di irgendepes mam Dikricher Pompjeeswiesen ze dinn hunn oder haten, zu eiser Verfügung kinnt stellen. Natiirlich kritt dir dëst Material an deem Zoustand wi Dir eis et gelingt hutt nees zréck.

Wann Dir eis kënnst hëllefen, da meld lech bei eisem Archivar dem Här Gries Josy,
12, rue de la Croix
L-9216 Dikrich.

T. 802487 (wann keen ophiewt, hannerloost w.e.g. eng Noricht um Repondeur, Hien wäert lech esu sier wi miglich zréckruffen.)

Merci am virus
Är Kadetten vun der Sprëtz.



© José Correia

Théo Schalz

Däiwelselter-Interview N° 2



Den Robert Bohnert am Gespräich mam Théo Schalz

Wa mer Musik zu Dikrich schwetzen, da komme mer net laanscht den Théo Schalz.

D Wat bedeit eigentlech d'Musik am wäitste Sënn vum Wuert an Ärem Liewen ?

Majo, Musik, dat ass eng fantastesch Saach, Musik man, dat ass och de Geescht ureegen, Musik ass fir mech e Geschenk Gottes, a Musik mecht een zur Freed vun der Allgemengheet, vun de Matmënschen.

D Dir spillt selwer e puer Instrumenter. Kënnst Der eis doriwwe eppes soen ?

Ech hunn 1945 ugefaangen, Klarinette ze spillen. Deemols huet den Här Schirtz, mäi fréieren Dirigent vun der Musik, aus dräi Klarinetten eng zesummegebaut, well d'Dikricher Musik jo guer näischt méi hat nom Krich duerch d'Rundstedtoffensiv. Dunn

hunn ech mech dann dodrop mol zeng Jar op engem Albertsystem geplot, an dono hunn ech dann ëmgewieselt op d'Böhmklarinett.

D Watfir Leit hunn lech musikalesch am meeschte beandrockt ?

Am meeschte beandrockt ? Jo, do kann ech am Fong geholl keng Preferenze setzen, do waren immens vill léif Leit, déi ech begéint hunn an deene Jaren. Een, deen ech ni vergiessen, dat war de Jean Schirtz, bei deem ech 1943 fir d'alleréischt am ale Klouster Solfège kritt hunn. Ier mer an de Solfège gaang sinn, kumme mer aus der Gesangprouf, dat war déi aner Säit vum Klouster, do war den Här Kaploun Krier, dat war den Dirigent vum Kirchechouer, do hunn ech 1941 ugefaangen, an dat war e fantastesche Psycholog a Pädagog. Am Krich hate mir e Bouwechouer do stoën, datt mir den Halleluja vum Händel konnte sangen ! Vun do aus, no där Gesangprouf, si mer also eriwweergaangen bei den Här Schirtz, an de Solfège, dat war déi aner Säit. Do war

d'Entrée vun der Musiksschull, genau do, wou lo dat Waasserspill ass op der Klouster, rechts war dem Här Schirtz säi Sall, a lénsks war dem Edy Noël säi Sall. Dee mech am meeschten am Fong geholl beandrockt huet, deen ech och nie wäert vergiessen, dat war de Vincent Krier.

D'Krieren, de Charles Krier, d'Mathieu Krier, dem Roedesch René séng Fra, an den Här Vincent Krier selwer, dat ware Schüler vum Max Menager, fréieren Organist vun lechternach. De Max Menager wor de Jong vum Laurent Menager. Hie war prädestiniert, fir Doumorganist ze ginn, a wat ass du geschitt ? Et ass eppes dertëschtent komm, an dunn ass de Jean-Pierre Beicht et ginn. De Laurent Menager huet dat nie verquësst, mee de Max Menager, dat war en unbeirbaren, e fantasteschen Organist. D'Krieren, déi ware Schüler bei him.

D Dir hutt selwer eng Rëtsch vu verschiddene Rollen an der Dikricher Musiksszen gespillt. Kënnst der eis do déi verschidden Etappen an Erënnerung ruffen ?

Jo, wi gesot, ech hunn 1943 am Solfège ugefaangen, an nom Krich, no der Rundstedtoffensiv, hunn ech nach eng Kéier missen ufänken, op engem risegen Trümmerhaufen, an du sinn ech dann 1947 un d'Pult komm, du gouf ech da fir würdeg fonnt, den Hämmelsmarsch matzespillen. Ech hunn du jarelaang Es-Klarinett gespillt, well mer déi Zäit nach keng brillant Flütten haten. No mengem Service militaire, 1953/54, - ech hat jo am Fong geholl Sculpteur geléiert beim Heintz-Walch - du sinn ech dann an de Conservatoire an d'Stad gefuer, no Feierowend, an do hunn ech eng ganz Rei vu léiwem, opriichtege Mënschen, Enseignantent a Proffe begéint.

D An dono hutt Der jo awer och selwer matgemëscht an der Dikricher Musiksschull ?

Jo, nodeems ech 14 Jar am Conservatoire an der Stad war als

Sänger, als Cellist, an haaptsächlech awer als Klarinettist, an am Niewefach natierlech Piano, well an der Musiksschull misst ee jo awer och kënnen Piano klimpere, gelt ?

D *Hutt Dir ni selwer am Conservatoire Stonne ginn ?*

Nee, de Josy Hamer wollt zwar ëmmer hunn, datt ech giff an de Conservatoire kommen, mee ech konnt dat deemols net maache wéint der Dikricher Musik, ech konnt déi net am Stach loossen, an och wéint ménger Mamm. Dat war esou : ech sinn am Fong an d'Musiksschull komm duerch de Josy Hamer, wéi hien hei Dirigent war, vun 1955 un. Dee Mann huet eng kolossal Aarbecht geleest, an et gouf him herno zevill, an dunn huet hie missten een hunn, deen hien entlaast. Fir e praktescht Beispill ze ginn : dee Mann, deen ass dann um 5 Auer komm, ënnerwee huet en e puer Kichelcher geess an aus enger Thermosfläsch huet en eng Schlupp Kaffi gedronk, dann huet en hei eng Stonn Solfège gehal mat e puer Schüler, an um véirel fir 8 huet en awer scho missen rëm am Radio sénn, well RTL déi Zäit owes e Concert hat. An dat gouf deem Mann op d'Dauer zevill, da war hie méindes, dënsdes, donnesdes, freides a samsdes hei, ech weess net méi mat Sécherheet déi genau Zäiten, mee samsdes de ganze Mëtteg war en hei. Dat gung da samsdes mëttes vun 1 bis owes 10, 11 Auer, jo, dat gouf zevill. An duerfir sinn ech mol erakomm, als Chargé de Cours Numero 3. De Professor Paul Mousel, hie war deemols de Gérard vun deem Ganzen, an de Molitor's Ben, den Här Direkter Molitor, dee war du Scheffe vun der Musiksschull, an den Alphonse Greisch, dee war Buergermeester. Wéi de Josy Hamer mech proposéiert huet, de Molitor's Ben war och d'accord domadder, an d'ganz Kommissioun, mee just den Alphonse Greisch huet eng Schwierigkeet gesinn, well ech jo geléierte Sculpteur war a beim Heintz-Walch geléiert hat, du sot deen dann: « Mir wäerten eis Kanner och bei e Schräiner schécken ! » Dat ass dann esou gaang, datt ech am Fong geholl mat deene Schüler ugefaangen hunn, déi de Josy Hamer zevill hat, Klarinetteschüler an direkt en 1. Jar Solfège an en 2. Jar Solfège. Deen éischte Schüler, deen ech iwverhaapt hat, privat awer, dat war de Regenwettesch Roby, fréiere Garçon de salle aus dem Kolléisch. De Josy Hamer

ass dunn op mech opmierksam ginn, well de Regenwetter déi aner regelrecht ausgestach huet. Sonndes mëttes hunn ech mat deem eng, zwou Stonne geprouft, dat huet eppes uitgemaach.

D *Wéini war dat lo genä, déi éischt Couren, waffir e Joer ?*

Waart mol, lo muss ech awer nodenken ... '58 ? Jo, 1958/59 ! Do hunn ech dann ugefaange mat e puer Pianosschüler, an dann haaptsächlech Klarinetten a Solfège, 1. an 2. Jar Solfège. Dat gung sou eng Rei vu Jaren, dat huet sech gesteigert. No dräi Jar hat ech e volle Kader an der Musiksschull, 22 Stonnen ! D'Jare hunn ech missen um Handwierk ophalen, offiziell. Ech hunn deemols bei Simon-Kaiser geschafft, mee et ass mer zevill ginn. Dobäi hunn ech awer nach de Bettendorfer Gesangveräin dirigéiert an d'Schierener Musik an d'Fielser Musik. An der Fiels an och zu Schieren hat ech deemols Succès – an och mam Bettendorfer Gesank. Zu Waasserbëlleg war e Concours, do huet dann déi Fielser Musik, 't ass eng vun deenen eelsten hei am Land, en éischte « prix ascendant » gemaach, 4 Jar nodeems ech se 1959 iwverholl hat. Ech erënnere mech nach gutt, wéi mer an der Fiels d'Strooss erofkoumen: dem Präsident René Ginter stungen d'Trëinen an den An ...

D *Wéini ass eigentlech de Josy Hamer Direkter vum Stater Conservatoire ginn ?*

Dat muss '65 gewiescht sénn. Also, et war esou : dem Josy Hamer gouf et well mat senge sëllechen Aktivitéiten zevill, an hien huet net mat neien Aufgaben spekuléiert. Mee am Stater Conservatoire goulfen et deemols schwéier Ausernanerungen, fir en Direkter ze fannen. Den Abbé Dr mus. Jean-Pierre Schmit huet den Interim gemaach. Wéi ech bei der Madame Suzanne Hoffmann wor, huet si mech gefrot : « Théo, du kenns dach den Hamer gutt, schwetz deem mol ! » Si hunn deemols wahnsinnig gesicht no engem valable Kandidat, no engem sérieuxen, an dunn hunn ech dem Hamesch Josy dat gesot. « O, ech hunn där Saache bis iwver d'Ouren ! », sot hien, hie war nämlech och nach Kandidat fir d'Militärmusik gewiescht an e bëssen enttäuscht, datt en déi Plaz net kritt hat, mee de Josy Hamer huet sech déi Saach duerch de Kapp goe gelooss, an hien huet du en Interview beim Här Dr Jean-Pierre Schmit kritt, an de Jean-Pierre

Schmit huet hien interviewt iwver den Orchester, an do wosst hien in rauhen Mengen ze erzielen, an hien huet och dunn d'Plaz kritt.

D *Huet hien dunn d'Direktioun vun der Dikricher Musik opginn ?*

Jo, datt gouf em dunn zevill.

D *Et war also och 1965, wou Dir d'Direktioun vun der Dikricher Stadmusik iwverholl hutt ? War dat och dee Moment, wou Der Chargé de direction vun der Musiksschoul gi sitt ?*

Nee, nee, also dat ass sou, datt den Här Mousel mech gefrot huet, e fënnelt Jar Solfège ze ginn. Ech war net vun der Matière, mee d'Madame Hoffmann huet sech rëm dra geknëit : „Ech hëllefen dir, du muss dat maachen“, an dunn hunn ech dann d'Theorie an d'Dictée mat hinne gemaach, a wann en Accompagnement war, dann ass den Här Mousel komm, dann huet hie mer gehollef. Hannerno war ech awer als Pianist well sou wäit, no e puer Jar, datt ech et konnt selwer maachen.

Wéi de Mousel's Paul opgehalen huet, hunn ech d'Gérance vun der Musiksschull iwverholl. Mir waren dee Moment zu dräi, véier, an dat huet sech dann du gesteigert. Ech hunn do d'Dikricher Musik dirigéiert, meng 22 Stonnen an der Musiksschull, plus d'Gérance ... dat huet sech gesteigert a gesteigert, herno hate mir op 7, 8 verschidde Filialen Couren. Ech hat kee Sekretär, ech hunn alles missen eleng maachen. Dat ass bis nuets 12 Auer gaangen, keng Vakanz!

D *Dir waart jo awer och nach Dirigent vum Bouwechouer ?*

D'Petits Chanteurs haben do ee Moment keen Dirigent, an du sinn ech dann agesprongen. Dat gung da mëttes vu véirel op 1 bis 2 Petits-Chanteurs-Prouf, dënsdes an donnesdes, dann uschléissend 5 Stonne Solfège, no engem Paus vun enger Stonn oder zwou si mer da rëm mat der Musik weidergefuert.

D *Ech weess aus deene Gespréicher, déi mer well zesumme gefouert hunn, datt kaum een d'Geschicht vun dem Musikseignement a vun de Musik- a Gesangveräiner zu Dikrich an Emergierend esou gutt kennt wéi Dir. Kennst Der vläicht*

nach kuerz drop zrëckkommen, wéi Dikrich eigentlech zu senger Musiksschoul koum, a waffir eng Roll d'Veräiner dobäi gespilt hunn ? Bon, Dir hutt eis well schons eng Rei Saachen doriwver erzielt, besonnesch fir d'Zäit nom Krich. Wat war virdrun ?

Majo, dat ass ugaangen, am Fong geholl, 1913 mam Eugène Klein, awer déi éischt Débuten, déi si gemaach ginn 1893. Du war de Schullmeester Pierre Olinger, de Grënner vum Cäcilieveräin, deen huet séng Sänger forméiert mat Geienunterricht. Déi Zäit war et jo üblech, datt d'Schullmeesteren hu misse Gei spillen. 'T ass esou, den Eugène Klein war en Areler, an 1913 huet seng Mamm hien op Dikrich geschéckt, well soss hätt hie misse mat de Belsch an den 1. Weltkrich zéien. Den Eugène Klein war geléierten Geiist, Pianist an Organist, hien hat zu Léck Gei geléiert beim Eugène Isaïe, dat ass ee vun deene gréisste belsche Musiker. De Conservatoire zu Léck, dee steet jo op der Place Eugène Isaïe, an den Eugène Klein huet hei zu Dikrich seng Débute gemaach als Organist a Solfégiste, an och an der Gei an um Piano. Déi éischt Couren, déi hie ginn huet, dat war am Wirtgensschlass, an ieweschten Deel, also am Ale Stadhaus, wann een d'Trap ausgeet, de Sall rechts vum éischte Pallier. Do huet hie seng Solfégecouren a seng Pianoscouren a seng Geiecouren ëmmer gehalen. Dat heescht, dat war en Einmannbetrib, an et goufe Kollektivcours fir d'Geien, wat jo och net ideal ass. Den Eugène Klein war Organist, Chef vun der Musiksschull, Dirigent vum Sängerbond, dobäi war e Wiirt, an en ass nach an d'Primärschull Musikunterricht hale gaangen, an huet niewebäi och nach Privatstonne ginn, dat alles zesumme gouf dann eng valabel Pai ! E war bei Schaack-Diederich abestued, dat ass wou de jetzige «Vieux Diekirch» ass, do war d'Tubaksspännerei Schaack-Diederich. Dem Eugène Klein séng Fra, dat war Schaacke Philippine. Den Eugène Klein guff herno krank, wat et war, weess ech net richteg, ech weess nach just, datt herno no der Mass mures - deemols waren nach dräi Masse moies - da sinn se op eng Terrasse gaangen, dann huet en do eng Klenggeheet zou sech geholl, dat war dat Eenzegt, wat en nach konnt zou sech huelen. Säi Successeur, dat war dunn den Edy Noël.

Den Eugène Klein hat 3 Meedercher. Dat eelst war d'Suzette, dat war mam

Tony Noesen bestued, dee vun den Däitschen erschoss gouf, dat zweet ass d'Maria Klein, dat war bestued mam Bormann's Néckelchen, Soudirekter vun der Brauerei, dat jéngst, dat war d'Renée Klein, dat war mam Joé Fischer bestued. Iwwer de Joé Fischer kënnt een nach stonnelaang débattéieren. De Joé Fischer war désertéiert, en huet awer missen zu Eech an der Klinik mam Blinddarm operéiert ginn, an d'Preisen haben d'Zëmmeren ronderëm de Korridor besat, mee wéi de Joé rëm eenegermoossen zou sech war, huet hien d'Leindicher unenee gestréckt an ass zur Uelzechtssäit fortokomm. Duerno blouf hie verstoppt. Ech weess nach just, datt d'Renée eng Kéier gesot huet « en ass ganz no », sou datt ech unhuelen, datt en iergendwéi bei Kleins am « Vieux Diekirch », verstoppt war, si hate jo Bistro an Tubaksspännerei do ...

Den Edy Noël, dat war dat Gewëssenhaftst, wat d'Dikricher Musiksschull jeemols hat. Also am Krich, am ale Klouster, lénks war jo dem Edy Noël säi Sall a rechts dem Här Schirtz säi Sall. De Jean Schirtz huet Gei ginn a Solfège, och e bësse Piano, wahrscheinlech net offiziell an der Musiksschull, privat éischter, an den Edy Noël war do als Pianist an als Organist. An dat gung du prächteg bis 1944, bis datt d'Amerikaner kummen. Den Edy Noël huet no der Rundstedtoffensiv missen an d'Stad zéien, hien hat zu Dikrich keng Existenz méi, an den Här Schirtz huet rëm bei Null ugefaangen. Fir d'Dikricher Musik war dat net einfach. Mir hunn du geprouft an der Meederchersschull, duerfir hu mer missen 93 Trepplécken ropgoe fir an de Musikssall ze kommen ! An der Musiksschull, do war dee Moment jo guer näischt, do hu mir eis dann ageschriwwen beim Här Schirtz an d'Musik, an do krute mir eis éischt Solfégecouren hei am ale Kolléisch, ongeféier do, wou lo d'Haaptentrée ass, do war dem Schirtz säi Sall. Hie war nämlech och Musikspruf hei am Kolléisch. Do krute mir déi éischt Débuten nom Krich. Wéi d'grouss Kiirch dunn e bësse restauréiert war – mir hate keng Uergel, näischt, mir haben en Harmonium do stoen – du kumm den Aloyse Kowalski, deen hat den Här Alphonse Greisch nach dohinner gesat. Hie war méi Pianist/Akkordeonist. D'Musiksschull hat deemols 30 bis 40 Akkordeonsen, an si hunn Auditioone ginn mam Akkordeon, an dat ass awer vu ville Leit, déi den Akkordeon

als « instrument vraiment populaire » ugesinn hunn, net gutt opgeholl ginn. D'Musiksschull hat e gudde Numm a sollt keng Akkordeonsschull ginn ! Wéi déi grouss Kiirch du restauréiert guff, du guff eis Uergel och gefléckt, restauréiert, an du kumm dann 1951 de Jos Kinzé. De Kinzé huet dunn och Couren an der Musiksschull iwverholl.

Mir haben deemols eng Krisis an der Musik, well de Jean Schirtz och krank war, an de Josy Hamer ass dunn eropkomm, 1955. Mir haben e Sall an der aler Hotellschull amenagéiert kritt mat extrae Schallschluckplacken, ech mengen, de Plafong hat deemols bal 30.000 Frang kascht an et war e Schlag an d'Waasser! Deemols huet d'Dikricher Musik eng regelrecht Renaissance erlieft, an den Hamer och, als Geiist war dee genial, an déi Zäit ass jo eise Symphonieorchester nach am Rahme vun der Dikricher Musik gelaf. D'Dikricher Musik hat eng Section symphonique an eng Baurekapell. Wéi ech d'Musik iwverholl hunn, hu mir de Symphonieorchester ofgetrueden un d'Musiksschull, dat war 1965/66. Ech hunn d'Musik bis Mëtt 70er Joren dirigéiert, an duerno nach eng Zäitchen d'Junioren.

Ech wollt awer nach e Wuert zum Symphonieorchester soen. Den Eugène Klein, deen hat jo am Fong d'Débuten gemaach 1913, dat iwverholl vu Sträicher, wat de Pierre Olinger hannerlooss hat. Doraus ass d'Dikricher Musiksschull entstanen. Den Orchester huet virum Krich ënnert der Leedung vum Eugène Klein gespilt ënnert dem Titel « PRO ARTE », dat gung och sou laang gutt, bis den Eugène Klein et net méi konnt maachen, well e krank gouf. D'Junioren huet d'Philharmonie dat iwverholl mat hirer Section symphonique. Allerdéngs hu si anstatt Cello mat Saxophon Tenor gespilt, anstatt Bassgei hu si Saxophon Baryton geholl, dat war e würdegen Ersatz, mee reng symphonesch ass dat falsch. Ech hunn deemols wéint dem Orchester mech un den Cello ginn.

D *Wou gesitt Dir no Ärer laanger Erfahrung Liichtblécker am musikalesche Liewen hei zu Lëtzebuerg a wou gin et Ärer Meenung no déi gréisste Problemer ?*

Jo, Nowuessproblemer, den enseignement musical vun 1900 a dee

vun 2007, dat ass ganz verschidden. Also, mir hei zu Lëtzebuerg, mir si belsch/franséische System mam Solfège, entretemps ass awer sou vill op de Maart komm! Ech erënnere mech un eng Method: de Josy Hamer war jo Solfégiste duerch an duerch, als Lauréat vu Bréssel, du beemol hat en eng Method entdeckt, wéi heescht se, „Mastermethod“, a mat där Method, do hunn ech déi 37 Jar, wou ech an der Musiksschull war, enseignéiert, an d'Mastermethod, déi besteet fir sämtlech Blossinstrumenter, an och fir d'Schlagzeug. Et ass am Fong dee System, deen d'Amerikaner an d'Englänner, oder di Däitsch an d'Eisträicher maachen. Ech wëll awer nëmmen näischt géint de Solfège soen, well de Solfège ass dee System, dee mécht een unabhängeg, dee mécht ee fräi, mee deemno, wéi een e gestallt, kann en dréche sinn, an Dir kënt à la rigueur souvill Leit dépriméieren duerch deen dréchene Solfège! Duerfir hunn ech jo 37 Jar ëmmer bewosst de Solfège selwer gemeet.

Fir mech gëtt et eng Méiglechkeet, datt ee ging jonk Leit motivéieren, bis dass se mol fest am Suedel ginge sëtzen, datt se un e Veräin ugebonne wäeren, a wa se dann erwuesse sinn, datt se da vun do aus, wann se sech interesséieren, an e „Solfège pour adultes“ orientéiert ginn. Zu menger Zäit war et esou, datt wann een als Bouf vun 8-9 Jar net konnt eng „Tierce majeure“ vun enger „Tierce mineure“ op Anhieb ënnerscheeden, da war een onmusikalesch! Fir mech ass fir d'ischt wichteg, datt se Freed un der Saach kréien, an dann, wann se bis dovun geschmaacht hunn, a si fille sech wuel dobäi, an se kommen an e bestëmmten Alter, datt se déi Theorie méi liicht verdauen, dann se an den Solfège geschéckt, da kann een op d'Ganzt goen! Meng Fielser Musikanten haten deemols, 1963, all Solfège gemaach am Schnellverfahren, mee si ware motivéiert, an duerfir hunn se zu Waasserbëlleg sou gutt ofgeschnidden! Ech si keen Antisolfégiste, loin de là, mee fir mech si 6 Jar Solfège gutt fir Erwuessener, déi net méi brauchen an d'Schull ze goen a sech kënnen drop konzentréieren, awer soss soll een eppes maachen, wou d'Kanner motivéiert sinn. De Robert Schumann huet gesot a senge „Musikalischen Lebensregeln“: „Wie wirst du musikalisch? – Indem du fleißig Chor singest!“ Am Chouer sängen, a wann s de gär Rhythmus häss, da géi an eng Blossmusik, do kriss de rhythmescht Gefill, do kriss de en agepaukt.

D Musik, Solfège a Gesank an der Schoul, Musik a Gesank am Veräin, Musik privat: Wat huet lech an Ärer musikalescher Carrière am meeschte Freed gemaach?

Allen dräi! Mech interesséiert dat engt esou gutt wéi dat anert, Sänger, Sträicher, Bléiser, ech sinn awer méi Bléiser, well ech dat jo méi geléiert hat. Ech triede fir se allen dräi an. Ech klimpere jo och Piano, dat ass alles wichteg. Ech sinn am Fong geholl Member vun der Dikricher Musik ginn, well mir arem waren nom Krich, mir ware jo komplett sinistréiert, an do war sech näischt en Instrument ze kafen an sou weider, duerfir si mir an d'Musik gaangen, an et ass mer bis haut net leed ginn! Et ass mäi 65. Jar an der Dikricher Musik a mäi 67. Jar am Kiirchchouer!

D Dir hat dat schons ugesprach: Dir hat jo nure Musik als Beruff?

Neen, ech si Sculpteur. Ech maachen dat haut nach. Ech maache jo ëmmer nach fir de Grand-Duc sou Ornamente op Eecheblieder. Wann ee mam Grand-Duc op d'Juegd geet an et schéisst een e Keiler, da kritt ee bei engem Diner d'Zänn vun deem Keiler mat mengen Ornamente op Eecheholz iwuerreecht. E Stéck Eecheholz, wat ech entworf hunn, e Projet vu mir, an ech hunn dem Grand-Duc virun 10 a virun 5-6 Jar eng Rei där Eechebleeder gemaach a kréien duerfir Lannenholz aplaaz.

D Dir hutt jo och nach Schoul gehal, war dat ëmmer an där do Richtung?

Neen, ech war am Fong geholl deen éischte Chargé de cours am Holz, deen do war, dat war wéi de Mierscher Lycée sech ëmgestallt huet vun der Haushaltungsschull op de Lycée technique. Ech sinn eigentlech als Musiker op Miersch komm, a wéi den Här Adehm bis spat hat, datt ech Notiounen hätt vun Holz, dunn hunn ech dann do den Holzatelier opgemaach, ech maachen dat jo och haut nach als Owescours, d'Skulptur!

D Eng lescht Fro nach, Här Schalz, watfir eng Musik hutt Dir perséinlech am léifsten?

Ohlälà! Ech perséinlech schwärme fir klassesch Musik. Beim Johann Sebastian Bach geet et un, iwver

den Haydn, Mozart, Beethoven, dat si Saachen, déi ech immens gären hunn, mee ech sinn awer net ofgeneigt géint modern Musik, mee perséinlech Bach, Haydn, Mozart, Schumann an sou weider, Beethoven, dat sinn also meng grouss Virbilder...

D Ech soën lech villmols merci, Här Schalz, dat war immens interessant!

Eise Redaktiounsmember Robert Bohnert, Präsident vun der Dikricher Musik a Vize-Präsident vum Conservatoire du Nord, huet dëst Gespréich mam Här Théo Schalz de 14. September 2007 gefouert.

In memoriam Pol Gilson


Pol Gilson fut un membre fidèle de la Philharmonie municipale de Diekirch pendant presque une soixantaine d'années.

« Pol Gilson vient de nous quitter pour toujours, cet homme affable et discret, qui a su mobiliser des générations de jeunes en les amenant à croire en eux-mêmes, à oser se servir d'un instrument de musique et jouer, même s'ils n'avaient pas la moindre notion de solfège. Il a ainsi réussi à assurer à la Fanfare du LCD, de 1949 à 1969, une dynamique et une renommée exceptionnelles, et depuis, chaque fois qu'il y a eu « Journée des Anciens », Pol Gilson, comme par enchantement, a fait surgir du passé plus d'une centaine d'anciens élèves qui reprenaient leurs instruments et qui faisaient résonner les rues de Diekirch en y semant la joie des retrouvailles et de la bonne humeur, un spectacle que nous avons pu vivre pour la dernière fois il y a deux ans, à l'occasion du 175^e anniversaire de notre école. »

(discours du directeur du LCD lors de la remise des diplômes le 9 juillet dernier)



Animateur de la « TURELBAACH », le rayonnement de Pol Gilson dépassait de loin sa région et les frontières du pays.



Dikrich Live meets Newcomers on Stage

Nët nëmmen dat gudd Wieder, mee och den interessant an usprochsvollen Programm vun "Dikrich Live meets Newcomers on Stage" huet den 7. Juli derzou gefouert datt ganz vill Lett sech di onzieleg Concerten an Optrëtter ugekuckt hunn.

Ee grouse Merci un jidwerveen, deen mat derzou bägedroën huet aus dësem Dag sou een Erfollig ze man. Virun allem d'Gemengeservicer hunn ee groussen Undeel um Erfollig.

Merci och eise Sponsoren: Syndicat d'Initiative, Union Commerciale, d'Cafeeë : Dikricher Stuff, beim Fränk, Café Mische an Chameleon; an vill Geschäftslett: Boucherie Schmidt-Kayl, Peinture Pütz, Calliste, Electricité Faber, Librairie Zimmer, Lady Dress, Optique Wirtz, Juttel, Bijouterie Goldgouf, Maison Rideaux Thibeau, Boutique Dalida, Pédicure Renée, Koplabung, Happy Shoes.

D'Organisationsequipe



© Marc Felten



Initiativ
Liewensufank

Neu: Jetzt auch in Hosingen

in Zusammenarbeit mit dem Syndicat intercommunal SISPOLO



Schwangerschaftsgymnastik

- Durchblutungsregulierende Ausgleichsbewegungen
- Entspannung über Atmung und Körperbewusstsein
- Sanfte Dehnungsübungen
- Beckenboden in Bewegung



Babymassage

- Liebe ... nie zuviel
- Die Seele berühren
- Ein Lächeln geschenkt
- Geborgenheit, Anregung und Kontinuität



Spiel, Spaß und Bewegung

- Entwicklung der Sinne und der Bewegungen des Babys wahrnehmen und unterstützen
- Spiel- und Bewegungsanregungen
- Soziales Miteinander der Eltern und Babys



Rückbildungsgymnastik

- Beckenboden stärken
- Bauchmuskulatur kräftigen
- Entspannung für Schultern und Nacken
- Rückenschonendes Verhalten lernen



Airtramp

- Spaß, Bewegung und Entspannung auf dem riesigen Luftkissen
- Freies Spiel und angeleitete Aktivitäten

Informationen und Anmeldeformulare:

www.liewensufank.lu 36 05 98 sekretariat@liewensufank.lu

Cours de Yoga 2007-2008

Les cours de Yoga du professeur Jean Joris ont repris le mercredi 19 septembre 2007

Pour plus d'informations, veuillez vous adresser à Madame Jetty Thill, T. 83 42 17.

- à la salle Bourg-Bourger à 10h00 (av. de la Gare)

- à la salle Scala à 18h00 (rue Jean l'Aveugle)

Club Senior „Hiirzebiërg“

Highlights aus unserem laufenden Programm

Ausflüge

- Das Ahrtal genießen
Freitag, 28. September 2007
- Führung durch das ZDF
Montag, 08. Oktober 2007
- Château de Malbrouck
Freitag, 12. Oktober 2007

Bewegung und Sport:

- Nordic-Walking jeweils donnerstags ab 14.30 Uhr in Diekirch, Circuit Däiwelselter
- Seniorentanz jeweils donnerstags von 09.30 – 11.00 Uhr in Ettelbruck, Centre sportif Deich
- Tanzkurs in Standard- und Lateintänzen jeweils freitags (6 Kurseinheiten) ab 21. September von 14.00 Uhr – 15.30 Uhr in Diekirch, al Hotelschull

Bildung und Kultur

- Französischkurs für Anfänger jeweils dienstags (25 Kurseinheiten) ab 02. Oktober von 09.00 Uhr – 11.00 Uhr in Ettelbruck, salle de classe école portugaise

- Englischkurs für Anfänger jeweils donnerstags (25 Kurseinheiten) ab 11. Oktober von 09.00 Uhr – 11.00 Uhr in Erpeldange, Amiperassaal

Unsere Sprachkurse finden unter der Leitung von Tripticon+ statt.

Gesundheit und Wellness

- Pilates Schnupperkurs: Freitag, 21. September um 10.00 Uhr Kurs (5 Einheiten): jeweils freitags, ab 28. September von 10.00 Uhr – 11.00 Uhr in Ettelbruck, Centre sportif Deich
- Autogenes Training jeweils mittwochs (8 Kurseinheiten) ab 17. Oktober von 18.00 Uhr – 19.00 Uhr in Diekirch, Spielschule Sauerwiss

- Sophrologie jeweils montags (5 Kurseinheiten) ab 05. November von 13.00 Uhr – 14.00 Uhr in Erpeldange, Saal „Caisse Rurale Raiffeisen“

Kreativität

- Scrapbooking (eine Technik, Fotos auf interessante und vielfältige

Art und Weise im Album zu präsentieren) jeweils mittwochs von 14.30 Uhr – 17.00 Uhr in Ettelbruck, Club Senior Büro

- Kurs für Anfänger am 12., 19. September, 03. und 10. Oktober
Kurs für Fortgeschrittene am 07., 21., 28. November, 05. und 12. Dezember

- Fernöstliche Tuschkmalerei jeweils mittwochs von 18.00 Uhr – 20.00 Uhr in Ettelbruck, Club Senior Büro
Kurs 1 (6 Einheiten) ab 03. Oktober
Kurs 2 (5 Einheiten) ab 21. November

- Malkurs: Acryl und Aquarell (6 Kurseinheiten) jeweils mittwochs ab 03. Oktober von 17.30 Uhr – 20.30 Uhr in Schieren, Salle des fêtes

Neue Technologien

- Mit dem GPS unterwegs Freitag, 09. November von 14.00 Uhr – 16.00 Uhr in Ettelbruck, Club Senior Büro
- Handy-Kurse am 01., 03., 08. und 10. Oktober um 14.30 Uhr in Schieren, neuer Festsaal

In Zusammenarbeit mit Tripticon + bieten wir folgende Computerkurse (jeweils 8 Einheiten) für Senioren an:

- 1. Digitale Bildbearbeitung jeweils montags ab 08. Oktober von 09.00 Uhr – 11.00 Uhr in Erpeldange, Birkelhaaff

- 1. Word 2 jeweils montags ab 08. Oktober von 14.00 Uhr – 16.00 Uhr in Erpeldange, Birkelhaaff

- 2. Internet jeweils freitags ab 12. Oktober von 09.00 Uhr – 11.00 Uhr in OBERFEULEN, Salle du 3^e âge

Dies ist nur ein Auszug aus unserem Aktivitätsprogramm.

Weitere Informationen können Sie kostenlos downloaden unter: www.hiirzebiërg-clubsenior.lu oder telefonisch anfragen unter der Nummer 26 81 37 43.

Babysittercoursen

Liebe Jugendliche,

Die Chancengleichheitskommission der Gemeinde Diekirch organisiert für interessierte Jugendliche ab 15 Jahren eine Ausbildung zum Babysitter. Der Kurs findet statt unter der Leitung qualifizierter Mitarbeiterinnen der Erziehungs- und Familienberatung (AFP – Services).

Datum
Dienstag 23. und Donnerstag 25.10.2007

Uhrzeit
15.00 Uhr bis 18.30 Uhr

Veranstaltungsort
Automuseum Diekirch (Rue de Stavelot)

Die Teilnehmerzahl ist auf 22 Jugendliche begrenzt.

Die Teilnahmegebühr beträgt 10 € insgesamt. Eine Teilnahmebescheinigung wird ausgestellt.

Anmeldung bis zum 17.10.2007 bei der Gemeinde (Mme Schmitz, Bureau de la population, 27, av. de la Gare, L – 9233 Diekirch, T. 80 87 80 - 220)

Info-Link: <http://www.afp-services.lu>

Ausländer - und A F P Services
Chancengleichheitskommission
Erzéions - a Familieberodung
Gemeinde Diekirch

Info-Video-Center Dikrech



Zentrum für Spiritualität, Begéignung a Formatioun

Permanence
Dönschdes: 14.00 bis 17.30 Auer
Donneschdes: 14.00 bis 17.30 Auer

4, rue de Brabant L-9213 DIKRECH

T. 80 39 29
F. 26 80 09 29
E-mail christiane.kremer@ivc.lu

- Jeweils Mittwoch 20.00 Uhr – 22.00 Uhr, am 19.09.; 24.10; 5.12 2007. 16.01; 20.02; 2.04.2008, im Info-Video-Center, 4, rue de Brabant, Dikrech:

Abendkreis mit Paulus-Thomas Weber, Referent für integrale Spiritualität

„Auf dem Pfade der Menschwerdung“
Gesprächskreis zu biblischen / christlichen Texten

Die Bibel, insbesondere das Neue Testament, ist Dokument unseres christlichen Glaubens. Wir kennen die Texte, aber oft fehlt der persönliche

Zugang, die lebbare Botschaft für die eigene konkrete Situation. Auch die wesentlichen Themen unseres Glaubens brauchen immer wieder bewussten Umgang damit, Austausch und Ermutigung.

Diese Bibel- und Glaubensgespräche laden dazu ein, miteinander sich ausgewählten Texten des Neuen Testaments zu stellen, ins Gespräch zu kommen, sich eigene Zugänge zu erarbeiten. Entlang dieser Texte geht es um zentrale Themen urtséeres Glaubens.

Leitende Gestalt ist dabei die Person Jesu Christi als Grundbild unseres Menschseins, wie wir also von ihm

lernen können zu leben; als Gegenbild, wo er provoziert, so ganz anders ist als wir; und als Vorbild, wo er uns eine Hoffnung in diese Welt einstiftet, die wir uns selbst nicht sagen können. Paulus-Thomas Weber ist seit Mai 2007 Mitarbeiter des Info-Video-Centers in Luxemburg. Geboren 1962, Studium der Philosophie und Theologie in Würzburg. Langjährige Praxis und Tätigkeit als Referent auf dem Gebiet der Meditation und Kontemplation (u.a. Zen-Praxis), der Körperarbeit (mit therapeutischen Ansatz) und dem interreligiösen Dialog.

Die Abende dieser Reihe bauen aufeinander auf, können aber auch einzeln besucht werden.

Kurssprache Deutsch.
Kosten 10 € / Abend

Bitte per Telefon anmelden am Info-Video-Center, Luxemburg
(Kursnummer angeben: 07447)
T. 44 743 340
Di bis Fr 13.00 Uhr - 18.00 Uhr

► **Vendredi, 26 octobre 07, 20h00,**
Vieille Eglise Saint Laurent,
Diekirch.

Conférence avec Robert Kuzwela
Mulanda

Processus d'intégration des immigrés en Europe

Aujourd'hui, la mondialisation suscite une multitude de mouvements, tant pour les hommes que pour les biens.

Robert Kuzwela, philosophe, aborde le thème de l'immigration dans son ouvrage récemment paru : « Processus d'intégration des immigrés en Europe ». Sa thèse fondamentale : La migration doit être vue comme une richesse, en même temps qu'elle doit être accompagnée.

Il ne s'agit pas seulement d'accueillir, mais de veiller à l'intégration et aux rapprochements entre les différentes communautés.

Quels sont les droits et devoirs des nouveaux venus ? Quel peut être le rôle à jouer des autochtones dans le processus de l'intégration ?...
Voici quelques sujets que l'auteur se propose d'aborder lors de la conférence.

Organisateurs Caritas-Fairness Center Diekirch, IVC Diekirch

Am Montag, 26. November 2007,
20.00 Uhr im Festsaal des Lycée Classique Diekirch, avenue de la gare, Diekirch (Eingang: rue du gymnase)

Eintritt 5 €
Sprache Deutsch

Konferenz mit Ingo Hanke

Wer ist Mohammed?
Seine Botschaft für die heutige Zeit.
Biographische Annäherung an eine welthistorische Person

Keine andere religiöse Gestalt scheint dem Menschen der abendländisch-christlichen Kultur dermaßen fremd zu sein wie Mohammed. Selbst Buddha ist in der westlichen Welt bekannter als der Urheber der Weltreligion, der wir unter dem Namen Islam begegnen. Der Jahrhunderte andauernde Konflikt zwischen dem christlichen Europa und der islamischen Welt und die Berichterstattung der Gegenwart, die uns einseitig mit Negativmeldungen überfluten und damit den notwendigen interreligiösen Dialog erschweren, all das hat Schatten geworfen auf einen Mann, der für die meisten westlichen Menschen zu einem Fossil geworden ist, Mohammed, den Propheten.

Die Zeit ist schon längst überfällig, Mohammed der Vergessenheit zu entreißen und sein Leben mit Offenheit und vorurteilsfreiem Geist kennen zu lernen.

Ich verstehe meinen Beitrag als Schritt dahin, Ihnen einen Menschen näher zu bringen, der auf Grund seiner Sensibilität für das Göttliche die Welt veränderte wie kaum ein anderer.

Zur Person des Referenten Ingo Hanke ist theologischer Referent und seit dem 1. Oktober Mitarbeiter des Info-Video-Centers mit dem speziellen Aufgabengebiet interreligiöser Dialog. In seiner Zeit als evangelischer Pfarrer in Duisburg hat er zahlreiche praktische Erfahrungen auf dem Gebiet des christlich-islamischen Dialogs gemacht.

► **Am Donnerstag, 29. November 2007, 15.00 Uhr – 17.00 Uhr** im Info-Video-Center, 4, rue de Brabant, Diekirch

„Bist Du jetzt für immer weg?“

Mediensichtung zum Thema „Kinder und Tod“

In besonderer Weise können Medien ein Hilfsmittel sein, um über ein schwieriges Thema ins Gespräch zu kommen. Nach einer Einführung in den Themenkomplex Abschied-Trauer-Tod bei Kindern steht der Nachmittag ganz im Zeichen der Medien.

Es werden Bücher und Filme vorgestellt, die mit dem Kriterium lesens- und sehenswert herausgesucht wurden und sich in besonderer Weise für die Arbeit mit Kindern eignen.

Mit Danielle Mertes und Annette Kieffer-Strehlau, Info-Video-Center

Für Eltern und Erzieher

Anmeldung
T. 44743-340
Di bis Fr 13.00 Uhr - 18.00 Uhr

Kurzentschlossene sind willkommen.



VILLE DE DIEKIRCH



INVITATION

4. Gesondheetsdag fir den 3. Alter

Organiséiert vum CIPA-Résidence du Parc
mat der Maison de Soins "Sacré Coeur"
ënnert dem Patronat vun der Stad Diekirch

Dënnesden den 9. Oktober 2007
an der Aler Seeërei

Mir fenken ëm 10:00 Auer un.

**Atelieren: Gedächtnis-, Konzentrations- a
Geschëcklechkeetstraining...**

Nom Mëttingessen ass e Moudendéfilée

Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt.

Participatioun: 8 €

**Umellen bis den 28. September 2007,
a weider Informatiounen um Telefon: 80 98 33-1**

Exploration du monde

Saison 2007 - 2008

« Les héritiers de l'Amazonie »

par Georges Fabre

Vendredi, le 26 octobre 2007
20h15

« La Corse au grand Coeur »

par Jean-Jacques Horem

Vendredi, le 7 décembre 2007
20h15.

Les séances de l'« Exploration du Monde » en présence du conférencier sont tenues au Ciné Scala.

Ciné Club CDAC



© Marc Felten

A partir du mois d'octobre, la commission culturelle a prévu, en collaboration avec les autres salles CDAC, des séances de ciné-club à côté des séances normales.

Les séances « Ciné-Club » auront lieu au cinéma SCALA les mercredis à 20.00 heures selon le schéma suivant :

Caramel
10 octobre

After The Wedding
17 octobre

2 Days in Paris
24 octobre

Irina Palm
31 octobre

AzulOscuroCasiNegro
7 novembre

4 Mois, 3 Semaines, 2 Jours
14 novembre

Half Nelson
21 novembre

Red Road
28 novembre

A Mighty Heart
5 décembre

Mio Fratello e Figlio Unico
12 décembre

Pour les séances régulières du vendredi au mardi, on voudra bien consulter la presse. (www.utopolis.lu)

Quiz


Vun dëser Nummer un kënnt Dir och eppes am Däiwelselter gewannen, virausgesat Dir kennt lech e bëssen an eiser Sauerstad aus.

Kennt Dir di dräi Gebäier zu deenen dës Fotoe passen?

Dann maacht eis een E-Mail un daiwelselter@diekirch.lu, sot eis wéi eng dräi Dikricher Gebäier hei ze gesi sinn a gitt eis och weg Är Adress un. Oder schéckt eis eng Postkaart mat deenen dräi Gebäier an Ärem Absender un:



A



B



C

Administration municipale
c/o Commission de la Culture - Quiz
B.P. 145
L-9202 Diekirch

Ënnert de richtigen Äntwerte ginn 4 flott Bicher verloust. D'Gewënner ginn an der nächster Nummer publizéiert a kréien d'Bicher zougestallt.

Vill Spaass beim Rätsele!
D'Redaktiounsequipe

Manifestationsskalenner

10 > 12

Datum	Wou?	Wat?	Wien?
Sondeg, den 7. Oktober um 17h00	Al Kierch	Concert Chapelle St. Marc	Kulturkommissioun
Samsdeg, den 13. Oktober um 10h00	Kulturhaus	Vernissage vum: "Festival de la Gravure"	La Palette & Kulturkommissioun
Sondeg, den 14. Oktober ab 15h30	Al Seeërei	Thé Dansant	Saengerbond
Vum 14. bis den 31. Oktober	Kulturhaus	Ausstellug : "Festival de a Gravure"	La Palette & Kulturkommissioun
Méindeg, den 29. Oktober um 17h00	Al Kierch	Cithara	Kulturkommissioun
Samsdeg, den 3. November um 20h00	Al Kierch	Forellentquintett von Franz Schubert	Kulturkommissioun
Sondeg, den 11. November um 17h00	Al Kierch	Jubilate Musica	Kulturkommissioun
Dënsdeg, den 27. November um 20h00	Al Seeërei	« Musical meets Classic » mam Yannchen Hoffmann a Carlo Hartmann	Kulturkommissioun
Sondeg, den 9. Dezember um 20h00	Al Kierch	Concert de Noël	Saengerbond
Freideg, den 9. Dezember um 19h00	Kulturhaus	Vernissage vun der Ausstellung: "Expo d'hiver"	La Palette & Kulturkommissioun
Vum 10. bis den 31. Dezember	Kulturhaus	Ausstellug : "Expo d'hiver"	La Palette & Kulturkommissioun

Dës Manifestatiounen ginn ënnert der Responsabilitéit vun der Kulturkommissioun organiséiert.



Opruff un d'Veräiner .

D'Redaktiounsequipe vum Däiwelselter bidd d'Veräiner, déi eng Manifestatioun unkënnigen wëllen, hier dat sou fréi wéi méigleg matzedeelen op daiwelselter@diekirch.lu
 Mir feeën eis och driwwer Detailler a Fotoën vun traditionellen Evenementer, wéi Krëschtconcerten, Fester, Theaterowender, Konferenzen, asw. zur Zäit an Erënnerung ruffen ze kënnen.

Mir soë scho Merci am Virus



www.diekirch.lu